



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/06/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

De Lëtzebuerger Staat huet eng hallef Millioun Corona-Virus-Tester kaaft. Dat ganzt fir ronn 4,7 Milliounen Euro.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat huet d'Regierung sech grad fir dës präzise Produit entscheet ? Wat waren d'Auswielkritären ?
2. Am Dezember 2019 gouf et, Informatiounen vun REPORTER.LU no, eng Réckruffaktioun vun enger ganzer Rei Tester vun der Entreprise, bei där d'Regierung elo d'Tester akeeft. Dat, wéinst méiglechen Gesondheitsrisiken. Och d'Resultater vun dësen Tester waren net zouverlässeg. Ass dëst der Regierung bekannt gewiescht an ka sécher ausgeschloss ginn, datt et weiderhin Problemer mat dësen Tester gëtt, souwuel wat d'Gesondheitsrisiken, wéi och d'Zouverlässegkeet ugeet ?
3. Ass der Regierung bekannt, firwat et nach am Februar Remaniementer an der Direktioun vun der Firma goufen, vun där d'Tester kaaft gi sinn ? Hunn dës Ëmstänn fir d'Regierung ee Grond zur Skepsis duergestallt ?
4. Huet d'Entreprise, déi elo den Zouschlag vun der Regierung kritt huet, äres Wëssens no, well Tester un Laboratoiren verkaaft, ier hire Produit iwwerhaupt eng CE-Zertifizéierung hat ? Wa jo, wéi laang ass dëst ouni speziell Autorisatioun geschitt ? Wa net, kéint Dir Mir d'Autorisatioun ënner anonymiséierter Form virleeën?
5. Stëmmt et, datt d'Regierung Ausnamen betreffend dem Agreement vun verschiddenen Tester ausgestallt huet ? Wa jo, wéini ass dësen speziellen Agreement ausgestallt ginn ? Kéint Dir dësen Agreement ënner anonymiséierter Form virleeën ?
6. De Laboratoire, deen elo landeswäit d'Tester soll duerchféieren, steet virun enormen logisteschen Erausforderungen. Huet den Laboratoire déi néideg Kapassitéiten an ass dat am Virfeld gepréift ginn ? Wéi ass dat genee kontrolléiert ginn ?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

7. Ass d'Testmethod, déi aktuell vum ausgewielten Laboratoire genotzt gëtt («Pooling»), der Ministesch hirer Aschätzung no, präzis ? Kann ausgeschloss ginn, datt duerch des Testmethod verschidden positiv Patienten onentdeckt bleiwen ? Wa jo, firwat ?
8. REPORTER.LU no, gëtt et nach eng aner lëtzebuergesch Entreprise déi zanter kuerzem eng asazbereeten Testmethod entwéckelt huet, déi och CE-zertifizéiert ass. Gouf dës Firma och kontaktéiert ? Wa net, firwat net ?
9. 4,7 Milliounen Euro huet den Akaaf vun de Corona-Tester kascht. Ma domat ass et net geden. Wat kascht dat landeswäit Testen ? Ginn et dozou well Pronosticken ?
10. Wat ass de geneeë Montant, deen den Laboratoire, deen d'Tester duerchféiert, vum Staat dofir ausbezuel kritt ?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

